Joresprogramm vum Grupp

Am Ufank vun all Guiden- a Scoutsjoer stellt de Grupperot e Joresprogramm op. Dëst kann en einfache Kalenner vu Gruppenaktivitéite sin, besser as awer donieft och en Aktiounsplang, deen de Grupp virubréngt.

Aktivitéitskalenner

Et as nëtzlech, d'Aktivitéite vum Grupp laang am viraus ze plangen. Mécht een dat nët, riskéiert een,

- datt déi néideg Raimlechketen (Centre culturel, Chalet ...) op deem gewënschten Datum scho vun anere Veräiner reservéiert sin;
- datt en anere Veräin op deem gewënschten Datum eng Manifestatioun organiséiert, déi engem de Publikum ewechlackelt;
- datt d'Familje vun de Guiden a Scouten op deem gewënschten Datum soss eppes geplangt hun;
- datt déi verschidde Branchen am Grupp sech Konkurrenz maache beim Benotze vu Material a vu Raim.

Heiraus ergët sech, datt de Grupp den Elteren, der Gemeng, der Par an denen anere Veräiner säin Aktivitéitskalenner sou fréi wéi méiglech matdeelt.

Beim Opstelle vum Aktivitéitskalenner muss de Grupp op villes Rücksicht huelen:

- op d'Schoulvakanzen
- op d'Prüfungszäiten
- op d'Congéë vun de Chef/tainen déi schaffen
- op d'Wënsch vun de Medercher a Jongen am Grupp
- op Aktivitéite vum Verband (Chefdag, Formatioun, Kiirmëssen...)
- op d'Fester an d'Periode vum Kiirchejoer
- op national a lokal Fester
- op déi finanziell Besoin-e vum Grupp
- ...

Hei e puer Unhaltspunkte fir de Joresprogramm vum Grupp:

August: Enn August verschéckt d'Verbandszentral d'Invitatioune fir de Kongress an de Chefdag, mam Aktivitéitskalenner vum Verband. D'Umeldunge fir Kongress a Chefdag musse mat Zäit geschéckt gin.

September: De Kongress an de Chefdag sin normalerweis tëschent dem 20. an dem 29. September. De Grupp däerf awer roueg scho virdru mat séngen Aktivitéiten ufänken, z.B. eng Aktioun starte fir nei Memberen ze kréien.

Oktober: Nom Chefdag as et sécher gutt wann de Grupperot sech zesummesetzt fir sech ze froen: Wat maache mir an eisem Grupp mat denen Iddiën, déi mir um Kongress a Chefdag matkritt hun?

Den Oktober as och déi traditionell Zäit vun de Montéën; et as awer nët verbueden, méi spéit am Joer eng Montée ze maachen. Nët vergiesse fir direkt an der Zentral ze melle wann nei Membere bäikommen oder wa Memberen d'Branche wiesselen (Formulaire N° 1).

Den 3. Weekend am Oktober as de "Jamboree-on-the-Air" (JOTA) an de "Jamboree-on-the-Internet" (JOTI), eng weltwäit Aktivitéit, déi haaptsächlech déi iewecht Branchen dierft intresséieren.

Oktober-November: An der Woch vun Allerhellgen hun déi meescht Branchen hir Formatiounscamp-e vum 1. Ziklus (STAP). Et soll een déi nei Chef/tainen ë bëssen duerop virbreden.

November-Dezember: Et as Zäit fir d'Cotisatioune vun de Memberen opzehiewen. Dat as eng gutt Geleënheet fir Kontakter mat Elteren. Zugläich kann een den Elteren d'Datume vun de Campénger matdelen.

Déi aktuell Memberlëschte gin an d'Zentral ageschéckt.

Vill Gruppe maache speziell Aktivitéiten an der Advents- a Chrëschtzäit: Adventskränz, Bazar, Veillée, Chrëschtfeier. Och wann et eng Aktioun as, déi Suen an d'Keess bréngt, kann een eng Reflexioun iwwer de Sënn vun der Advents- a Chrëschtzäit virgesinn. Vläicht kann een och emol bei der Aktioun "Friddensliicht" matmaachen.

Januar: Nët vergiessen, och am Wanter Aktivitéiten dobaussen ze maachen, z.B. e Weekend am Januar.

Februar: Eng Fuesfeier as eng flott Geleënheet fir Aktivitéiten, déi d'Phantasie uregen an Expressiounstechniken entwéckelen.

Den 22. Februar as de Gebuurtsdag vum Baden-Powell (B.P.) a vun der Lady B.P.; e gët vu ville Guiden a Scouten op der Welt als "Thinking Day" gefeiert. Et kann een ëm dës Zäit eng Aktivitéit plangen, déi äis selwer an d'Leit dobaussen op déi weltwäit Dimensioun vum Scoutissem a Guidissem opmierksam mécht.

Februar-Mäerz: Vill Gruppen organiséieren an hirer Uertschaft d'Buergbrennen.

Mäerz-Abrëll: Drun denke fir d'Péngschtcampénger mat Zäit unzemellen, besonnesch wann et an d'Ausland geet oder wa Congé-éducation gefrot gët.

Abrëll: Wéi as et mat enger Eltereversammlung iwwert dee geplangte Summercamp?

D'Auslandscampénger an d'Inlandscampénger mat Congé-éducation musse virum 1. Mee beim Branchecommissaire ugemellt gin.

Abrëll-Mee: Oktavzäit: Do as de Pélé des Jeunes, d'Veillée vum Verband an der Krypta, d'Schlussprëssioun, d'Sprangprëssioun... souzesoë fir all Goût eppes. Vläicht maacht dir am Grupp eng ege Veillée? Et muss jo nët jiddereen alles matmaachen!

Mee: Den 1. Mee as Kiirmes um Neihaischen, an op Christi Himmelfaartsdag Kiirmes zu Bilschdrëf. De Verband as op Recettë vun dëse Kiirmëssen ugewise fir déi zwee Formatiounszentren ze ënnerhalen. De Grupperot ka sech op d'manst d'Fro stellen: Wéi reagéiert eise Grupp op dës Invitatiounen?

Juni: D'Gemeng, déi de Grupp ënnerstëtzt, erwaart, datt de Grupp bei de Feierlechkete vum Nationalfeierdag matmécht. Hu mir de Wëllen an d'Méiglechkeet fir Iddiën ze entwéckelen, déi eise Guiden a Scouten hëllefen, e Sënn an dësen Zeremonien ze gesin? (Stéchwierder: Fräiheet, Mënscherechter, Solidaritéit, Zoukonft vum Land mat sénger Ëmwelt, Matbestëmmung ...)

Juni-Juli-September: All 2 Joer sin an der Péngschtvakanz an/oder an der Summervakanz d'Formatiounscamp-e vum 2. Ziklus, an déi daueren ëmmer bis samschdes nomëttes. Doru soll een denke wann een d'Campénger am Grupp plangt.

Juli-September: Campéngszäit. Wann de Grupp un neie Memberen intresséiert as, wär et bestëmmt keng schlecht Iddi fir deen een oder aneren Nëtmember mat op de Camp ze huelen. Op dës Manéier sin och schon Erwuessener als Chef/taine "hänke bliwwen".

Bemierkungen zum Aktivitéitskalenner:

* Et gin am Joer vum Guide/Scoutsgrupp vill fix Datumen a Manifestatioune wou een nët derlaanscht kënnt. Et soll een awer vermeiden, datt déi meescht Aktivitéite vu baussen imposéiert gin. D'Unitéite brauchen och Zäite wou si hir egen Aktivitéiten no de Kanner resp. Jugendlechen hire Wënsch maachen.

* Et as och nët gutt wann am Laf vum Joer bal nëmmen Aktivitéite lafen, denen hiirt Haaptzil d'Opfëlle vun der Keess as.

* Theaterspillen as eng edukativ wäertvoll Aktivitéit, bei däer d'Kanner an déi Jugendlech ganz vill léiere kënnen, wann een sech genuch Zäit hëlt an den Theater an den eenzelne Branchen als Projet (Entreprise, Aventure/Expeditioun, Komet) organiséiert.

* Nët einfach d'Aktivitéite vun dene Jore virdrun esou iwwerhuelen, mee d'Phantasie spille loosse fir nei a flott Aktivitéiten ze lancéieren!

Aktiounsplang fir de Grupp

Wat as en Aktiounsplang?

- E Mëttel fir d'Situatioun an d'Kanner- a Jugendaarbecht vum Grupp ze verbesseren;

- en Instrument dat een sech selwer schaaft fir an enger bestëmmter Zäit e konkrete Schrëtt an eng bestëmmt Richtung virunzekommen;

- eng Aart a Weis fir mat enger minimaler Ustrengung e maximalen Erfolleg ze erreechen.

Am Grupp kéint een Aktiounsplang sech z.B. op dës Beräicher bezéien:

- Zuel vu Kanner a Jugendlechen
- Programm an de verschiddenen Unitéiten
- Zuel vu Chef/tainen
- Formatioun vun de Chef/tainen
- Gruppenaktivitéiten
- Relatiounen an Ambiance am Grupp
- Grupperot
- Administratioun a Finanzen
- Material
- Raimlechketen
- Kontakter no baussen

Wéi mécht een en Aktiounsplang?

1. Etapp: Analys vun der aktueller Situatioun

Mir stelle fest, wéi eise Grupp a séng Unitéiten an dene verschiddene Beräicher do steet. Wat as oder leeft gutt? Woumat hu mer Problemer? Mir baséieren äis eventuell och op Aussoë vun de Kanner a Jugendlechen, vun den Elteren, vun Nëtmemberen, vu Verbandsresponsabelen.

2. Etapp: Zoukonftsvisioun

Watfir eng Situatioun wënsche mer äis fir d'Zoukonft an dene verschiddene Beräicher? Et däerf ee roueg e bëssen dremen!

3. Etapp: Prioritéiten

Et kann een nët alles gläichzäiteg verbesseren. Mir klasséieren eis Wënsch. Watfir eng Beräicher sin äis am wichtegsten? Watfir eng Zoukonftsvisioun wëlle mer elo als éischt versichen z'erfëllen? Mir wielen eng kleng Zuel vu Wënsch eraus: dat sin eis Prioritéite fir dat nächst Joer.

4. Etapp: Objektiver an Evaluatiounscritèren

Mir versiche fir all Prioritéit sou kloer wéi méiglech festzeleën,

- wat mir wëllen a kënnen erreechen
- wéini mir dat erreeche wëllen
- wouru mir kënne feststellen, ob mer et erreecht hun.

An dëser Etapp mussen eis Visiounen eventuell vun hirer Wollek erofklammen op de Buedem vun de reelle Méiglechketen. Mir stellen äis gär enger Erausfuerderung, mee mir setzen äis keen Objektiv dat vu vir eran nët ze erreechen as.

5. Etapp: Mëttelen a Weër

Mir iwwerleën an hale fest, wéi mer d'Objektiver kënnen erreechen: Wéi gi mer vir? Wie froe mer ëm Hëllef? Wat brauche mer vu Material, vu Finanzen ...? A wellechen Délaië sollen déi eenzel Schrëtt gemaach gin? Wien iwwerhëlt watfir eng Charge? Et as wichteg, datt all dës Decisioune schréftlech festgehal gin.

6. Etapp: Tëschebilan

Am Laf vum Joer stelle mer zesumme fest, wéi wäit mer mat dene verschiddenen Objektiver komm sin: Wat as scho realiséiert gin? Woumatt gët et Problemer? Wéi fillt deen Enzelne sech a sénger Funktioun als Chef/taine? Musse mer eventuell aner Mëttelen asetzen, d'Chargen anescht verdelen oder souguer aner Prioritéite setzen?

7. Etapp: Bilan um Enn vum Joer

Mir stelle fest, ob a wéi mer d'Objektiver erreecht hun. A wou steet de Grupp elo? Mir sin erëm um Ufank vun engem neien Aktiounsplang.

Bemierkungen zum Aktiounsplang:

* Fir den Tëschebilan an de Bilan am Grupperot ze maache gin et vill flott Techniken. Heizou fënnt ee gutt Virschléi am Buch "Handbuch für Stammesvorstände" (an eisem DZ ze léinen).
* Et kann natiirlech och all Cheféquipe esou en Aktiounsplang fir hir Branchenunitéit opstellen.